


# Freux an der Belsch

De Flyfishing Club aus Lëtzebuerg war Gëschter op Freux an d´Belsch gefuer fir zesummen ee schéinen Dag beim Waasser ze verbréngen. Nodeems et déi leschten Deg nëmme gereent hat war iwwerall op de Flëss Héichwaasser ugesot esou dass mir frou waren dass eng Sortie mat eisem Club ugesot war a mir esou awer eiser Passioun nokomme konnten. Mir waren zesummen op Freux bei Libramont gefuer, eng Sortie déi och schonn eng laang Traditioun bei ons huet.
De Weier zu Freux ass neierdéngs op beschtens mat Fësch besat wat an der Vergaangenheet net ëmmer de Fall war. Et muss een iwwerhaapt soen dass säit een neie Bedreiwer sech ëm de Weier këmmert vill op dëser Plaz geschafft ginn ass, esou sinn d´Alentoure ronderëm de Weier elo ëmmer gebotzt, et gëtt regelméisseg geméit, d' Openthaltszëmmer ass an d´Rei gesat ginn an et ass eng Toilette mat Méiglechkeet fir d´Hänn ze wäschen installéiert ginn. Och hänkt am Openthaltszëmmer eng Tafel wou annoncéiert ass wéini Fësch ausgesat ginn. d´Präisser si dozou och ganz moderat, hunn mir dach ewell mir als Club ugereest sinn, nëmmen 23 € op de Kap fir de ganzen Dag fësche bezuelt. Och ee grousse Grill steet bereet falls ee grille wëllt an dovunner hunn mir natierlech gären profitéiert.
















De Séi war net nëmme gutt besat mat Forellen, nee mir hunn och nach gutt gefaangen. Wei mir bei de Séi komm si war den Dan scho gutt lancéiert, Hien huet ee Fësch nom Anere gefaangen an hat dobäi op seng duerchsichteg Intermediaire Schnouer gesat a loung domadder awer esou eppes vu richteg. Geféscht hat Hien mat oliv faarwege Streamer. De Patrick hat säi Belly Boat matbruecht an huet och de ganzen Dag dovunner profitéiert fir op dës Aart a Weis seng Fësch ze fänken. Hien huet esou och ganz vill Fësch gefaangen an hat esouvill Spaass dorunner fonnt dass Hien spontan decidéiert huet un engem Konkur, deen op dëser Plaz mam Belly Boat ausgeféscht gëtt, deel ze huelen. De Sedat, de Roger an de Joé, sinn mat engem Boot eraus gefuer déi och hei fir d´Fëscher bereet stin.












Mee och all déi aner Fëscher hunn ganz gutt gefaangen a konnten sech esou dovunner iwwerzeegen dass dëse Site elo och ganz seriö gefouert gëtt. Nodeems mir ee puer Stonne gefëscht haten huet dunn mäin Bauch sech gemellt, Hien huet gegrommelt an dat heescht normalerweis dass et op de Kascht geet, dunn wei ech mech ëmgedréint hunn war de Jeek schonn am Gaangen zesumme mam Jemp d´Grillen ze preparéieren. Sie haten heifir extra een Iwwerdaach opgeriicht an och schonn d´Kuelen an alles Aneschters wat een esou brauch fir ze grille preparéiert. De Grillmeeschter war Haut de Gérard, Hien huet seng Saach tipp top gemeet an dass Hien richteg gutt grille kann dat gesäit een Him schonn of. Mir hunn eis net laang fléiwe gelooss a Jiddereen huet dobäi gemeet, mir hunn eis et esou gutt schmaache gelooss dass eis ënnerwee d´Baguette ausgaangen ass mee wei dat esou bei onserem Club ass hat de Sedat séier Brout organiséiert andeems Hien d´Madame vum Site gefrot huet an Dës och esou gentil war an eis direkt aus der Patsch gehollef huet.
















Mëttes hunn mir et nach eng Kéier op een Neist mat de Fësch opgeholl, och do war den Dan an de Patrick déi Fëscher wellech am meeschte Fësch gefaangen hunn. Mir haten alles an allem erëm ee flotten Dag beim Waasser, d'Wieder huet och mat gespillt, et war zwar de ganzen Dag iwwer schmeier mee mir sinn awer dreschen iwwert d'Ronne komm. Als nächst Sortie féiert eis de Wee op Latilly, och eng Sortie mat enger laanger Traditioun déi dernieft och nach op engem onvergläibare Site statt fënnt. Hei hunn mir schonn esou munche schéi Stonn verbruecht an et war och nach all Kéiers lëschteg wann mir do gefëscht hunn. An wei et sech esou fënnt ass dës Kéier och erëm d'Fussball EM am gaange wann mir dohinner fueren, dat erënnert mech drun wei mir bei der leschter EM all zesummen op dëser Plaz de Mätsch vun de Russe géint d'Hollänner gekuckt haten, dat war och eng lëschteg Saach och wann déi Meeschten deemools zu den Hollänner gehalen haten an Dës verluer hun.










SIMMS



